PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/12/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Gesondheet & Digitalisatioun weiderzeleeden.**

LUXembourg IT for Healthcare (LUXITH) ass eng wirtschaftlech Interessengrupp, déi am Dezember 2012 vun de Lëtzebuerger Spideeler an der Fédération des Hôpitaux Luxembourgeois gegrënnt gouf. D'Zil vum Grupp ass et fir déi gemeinsam IT Servicer, Software an Infrastrukture vu senge Memberen ëmzesetzen an ze bedreiwen.

Eis gouf zougedroe, dass LUXITH wëlles hätt, fir eng grouss Mass un Donnéeën op Serveren an d'Ausland ze transferéieren. Zu dësen Donnéeë géifen och privat a gesondheetlech Informatioune vun dausende Patienten an Assuréeën hei am Land gehéieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ass et richteg, dass LUXITH plangt, fir d'Donnéeën op Serveren an d'Ausland ze transferéieren?
2. A wéi eng Länner respektiv op wéi eng Servere sollen dës Donnéeën transferéiert ginn?
3. Aus wat fir engem Grond wëll LUXITH dës Donnéeën net méi zu Lëtzebuerg stockéieren, mee se op Serveren an d'Ausland transferéieren?
4. Besteet duerch den Transfert op auslännesch Serveren net de Risiko, dass wichteg a privat Patientendate méi einfach an d'Hänn vun auslänneschen Agencen oder kriminellen Entitéite kéinte geroden?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten